FÉDÉRATION LUXEMBOURGEOISE DE HANDBALL
association sans but lucratif
F.L.H. · 3, route d'Arlon L-8009 STRASSEN

# Rapport Referees' Commission - 19.05.2026

Present : Keiffer N., Kröpelin, Nesser, Volz, Welter, Weinquin, Weinzierl

Entschëllegt : Courtois, Geib, Keiffer F.

***1) Adoptioun vum Rapport vum 07.04.2026***

***2) Georges Geib***

*De Georges „Willy" Geib huet eis informéiert, dass hien den 30.6 2026 no 35 Joer aktive Member an der CODA/RefCom seng Handball-Pensioun huele wëll. D'RefCom seet dem Willy een immens grousse Merci fir déi sëlleg Aarbecht déi hien iwwer Joerzéngte fir de Lëtzebuerger Handball a speziell fir den Arbitrage gemaach huet. Dass de Willy eis feelt ass elo scho spierbar. D'RefCom wënscht dem Willy alles Guddes, a mir hoffen hien awer nach déi eng oder aner Kéier an enger Hal ze gesinn. MERCI Willy !!*

***3) Sabien Weber***

*De Sabien Weber huet der RefCom an der EHF matgedeelt, dass hien seng europäesch Karriär un de Nol hänkt. Well hien den extreme Manktem un Arbitter zu Lëtzebuerg kennt, wäert hien, wéi seng Aarbecht et him erlaabt, nach fir d'FLH aktiv bleiwen,*

***4) Summerstage***

*De Summerstage fir all Arbitter ass den **22.&23. August 2026**. D'Maile mat den Informatioune ginn an den nächsten Deeg un d'Arbitter verschéckt.*
*D'FLH huet Kontakt mat der EHF opgeholl fir d'Ënnerstëtzung vun engem EHF Lekturer unzefroen.*

***5) Tester Saison 2026/2027***

*D'Tester fir d'Saison 2026/2027 sinn:*
***11. Juli 2026** 10h00 Laftest (AXA) – 11h00 (ALL) theoreteschen Test*
***21. August 2026** 19h00 Laftest (AXA) – 20h00 (ALL) theoreteschen Test*
***12. September 2026** 10h00 Laftest (AXA) – 11h00 (ALL) theoreteschen Test*
*D'Laftester sinn um INS Hall 1 an theoretesch Tester am SLL Sall A1.01*

***6) C-Arbitter Examen***

*3 praktesch Exame fir den C-Schäi si gepackt ginn :*
- *Baptiste an Florian Jung den 28. Mäerz (Coupe Finall U17G)*
- *Jana Jilkova de 25. Abrëll (Coupe Finall U15F)*

***7) C-Arbitter Cours***

*D'Datumer fir een neien C-Cours sinn am September. D'Klassesäll sinn ugefrot, an d'Detailer kommen esou bal mir den OK kruten.*

Tél : +352 48 54 74 · mail@flh.lu ▪ www.flh.lu · www.flh-live.lu
BIL LU90 0024 1008 3380 0000

**8) Bezuele vun Arbitterkäschten**

*Well, änner anerem, ëmmer manner Cash gebraucht gëtt, ass d'Iddi opkomm, dass d'Veräiner d'Arbitterkäschten och digital (Payconiq/Buckaroo) reegele kënnen. RefCom stëmmt kloer dofir fir dat ab nächster Saison anzeféieren. D'Veräiner solle selwer wielen, ob si Cash oder digital bezuelen.*

**9) Tenue Arbitter**

*D'RefCom erënnert d'Arbitter nach eng Kéier drun, dass si wärend hirem Openthalt an der Sportshal wou si aktiv sinn déi nei Kleeder (Polo oder T-Shirt + Pullover) vum Sponsor MUSSEN undoen. (Parking bis Parking).*
*Fir d'nächst Saison gëtt et eng (1) nei Uniform (hell blo oder hell gréng). A Plaz der 2. Uniform freet d'RefCom de Sponsor, wat do nach méiglech wier.*

**10) Besetzungskommissioun**

*De Paul Nesser huet eis matgedeelt, dass hien ab nächster Saison seng Plaz an der Besetzungskommissioun fräi mécht. Well och de Willy do ewechfält, ginn nei Leit gesicht, déi sech där Charge unhuelen an neien Input erabrénge wëllen. Interessente kënne sech gäre bei der RefCom mellen.*

**11) Transferte vun Arbitter**

- *D'RefCom wëll nach eng Kéier op d'Wichtegkeet vun enger Ännerung vum Artikel 20 vum Code du Handball opmierksam maachen. Den neie Virschlag soll d'Veräiner zousätzlech dozou z'incitéieren, nei Arbitter auszebilden an der Wichtegkeet vum Recrutement op laang Siicht Rechnung ze droen. Arbitter déi hier Lizenz bei d'FLH transferéieren, ginn dem Veräin nach 2 Joer laang gutt geschriwwen. Esou huet de Veräi genuch Zeit, nei Kandidaten ze fannen. D'RefCom hofft op d'Ënnerstëtzung vun de Veräiner fir dës Ännerung op der AG unzehuelen.*
- *Och huet d'RefCom decidéiert, dass Arbitter déi eng neutral Lizenz (FLH) ufroen, oder een Transfert an een anere Veräi maachen, dat éischt Joer* ***keng 1. Ekipp*** *vun hirem ale Veräi päifen däerfen. Fir déi aner Kategorien an ab 2. Saison ginn et keng Restriktioune méi.*

**12) Besetzungen**

*Déi meeschten Arbitter hu fir Juni a Juli keng Dispo méi uginn. Hei gëtt nach eng Kéier nogefrot, well verschidde Matcher an Turnéier nach ze besetze sinn:*

- *2.-4.6. an de Weekend 13./14.6. Championnatsfinallen U15G / U17G*
- *14.6 RegioCup an Däitschland*
- *27.6. Seniorschampionnat am Beach Handball.*
- *3., 4. a 5.7. Turnéier U18 Meederchers Nationalekipp (LUX / GBR / BEL)*

***Nächst RefCom: Méindes den 29. Juni 2026 um 19h00***